Projet unanime ugeholl, unanime vun deenen, déi ofgestëmmt hunn.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6806 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

D'Dispens vum zweete Vott, ass d'Chamber domat d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir kommen zum nächste Projet. Dat ass de Projet 6816.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6816 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

An de Projet de loi 6816 ass unanime ugeholl mat 60 Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Cécile Hemmen), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Ech mengen, dann hätte mer d'Projeten alleguer. Voilà! Villmools Merci.

An da géife mer zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6877, eng Direktiv am Beräich vun den Zäregasen. An d'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt den Här Rapporteur, de Roger Negri.

www.chd.lu

4. 6877 - Projet de loi

a) portant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°517/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux gaz à effet de serre fluorés et abrogeant le règlement (CE) n°842/2006;

b) modifiant la loi du 11 août 2011 portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone;

c) abrogeant la loi du 28 juillet 2011 portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vum Projet de loi vun haut ass et, fir mat enger rechtlecher Evolutioun um EU-Niveau Schrëtt ze halen am Beräich vun de fluoréierten Zäregasen, «gaz à effet de serre fluorés», déi ganz klimaschiedlech sinn. Eis Legislatioun ass nach um Stand vum EU-Reglement 842/2006 iwwert déi fluoréiert Zäregasen, dat duerch d'Reglement 517/2014 ersat gouf an ab dem 1. Januar 2015 gülteg ass. Et kënnt domadder zu enger Verschäerfung vun de Virschrëften, wat dës klimaschiedlech Gasen ugeet. Et geet hei haaptsächlech ëm d'Hydrofluorcarburen (HFC), Hydrocarbures perfluorés (PFC), Hexafluorure de soufre (SF6), deemno Schwiefelhexafluoriden.

Fluoréiert Zäregasen hu vill méi en héijen Impakt op d'Klima wéi den normalen CO_2. Dat ass de Grond, firwat dës Stoffer esou streng solle reglementéiert ginn. Doriwwer eraus entsti se am Prinzip net, wéi den CO_2, als eng Zort Nieweprodukt vu Verbrennungsprozesser, mä se gi vum Mënsch selwer produzéiert, fir kënnen a verschiddene Beräicher agesat ze ginn.

Et läit deemno an den Hänn vun der Politik, fir dës Produktioun an d'Notzung vun dëse Substanzen ze encadréieren. Benotzt ginn déi fluoréiert Zäregase virun allem als Killmëttel a Frigoen, Klimaanlagen, als Dreifgas fir Spraydousen, Schaum an Dämmmëttel oder och nach als Feierläschmëttel.

Dat neit Reglement limitéiert d'Quantitéit vun de fluoréierten Zäregasen, déi kënne verkaaft ginn, a wëllt esou schrëttweis bis zum Joer 2030 dës Quantitéit ëm 80% reduzéieren. Alternativ Substanzen, déi manner klimaschiedlech sinn an trotzdeem wirtschaftlech vertrietbar sinn, solle verstäerkt zum Asaz kommen. Iwwerall do, wou et dank dem technesche Fortschrëtt gutt a fiabel Alternative gëtt, sollen déi fluoréiert Zäregase verbuede ginn.

An der Konsequenz kënnt d'EU domat net nëmmen hire Klimaschutzziler méi no, si ënnerstëtzt domat och d'Innovatioun an déi Entreprisen, déi Ersatztechnologien entwéckelen an op de Marché brëngen.

Däitlech Veränderunge gëtt et ausserdeem bei der Iwwerwaachung vun den Entreprisen, déi déi betraffe Substanze benotzen. Regelméisseg Kontrolle vu Geräter, déi esou Substanzen enthalen, ginn ausgedeent, wéi zum Beispill op Killcamionen. Iwwert dës Kontroll muss genee Buch gefouert ginn.

Fir den Asaz vu manner klimaschiedleche Substanzen ze fërderen, ginn dës och net méi op d'Gewiicht bewäert, mä entspriechend hirer CO_2-Equivalenz, déi jee no Substanz verschidden ass. Hire sougenannten „potentiel de réchauffement planétaire" (PRP) gëtt domat prezis Angaben, wéi wäit hir Hydrofluorcarburen (HFC), zum Beispill an deem Fall vun deenen dräi, déi ech virdru genannt hunn, bis zu engem bestëmmten Datum reduzéiert ginn, soss ënnerleie se dem Verbuet, fir nach weider kënne verdriwwen ze ginn.

Aus deene méi wéi enger Dose Begrenzungen, déi am Gesetz stinn, wéilt ech just eng als praktescht Fallbeispill erausgräifen. Hausfrigoen an Haustiifküler, déi mir jo all kennen, duerfte just bis den 1. Januar 2015 net méi wéi 150 PRP-Equivalenzen als HFC beinhalten, soudass se elo net méi däerfe verkaaft ginn. Also do ka jiddweree vun eis als opmierksame Konsument dat selwer kontrolléieren.

Global gesi muss een ervirhiewen, dass am Kyoto-Protokoll déi fluoréiert Treibhausgasen, sougenannten F-Gasen, wéinst hirer héijer Klimaschiedlechkeet also bis zu 100-, bis souguer 24.000-mol jee no Gas méi héich als normalen CO_2 klasséiert sinn, woufir dës Zäregasen awer wierklech zu Recht als regelrecht Klimakiller gëllen. D'Produzente vun dëse Substanze gi verflicht, am Produktiounsprozess esou wéineg Emissioune wéi méiglech ze hunn.

Et gëtt och nei Virschrëften iwwert d'Récupératioun vun dëse Gasen. Déi eenzel Memberstate mussen en entspriechende System en place setzen, deen d'Produzenten an d'Verantwortung hëlt an derfir suergt, dass d'Récupératioun, de Recyclage oder d'Eliminatioun vun de fluoréierten Zäregase korrekt gemaach gëtt. Des Weidere ginn déi Entreprisen, déi dës Gase verkafen, méi staark iwwerwaacht a maachen an Zukunft e Regëster dovun, an dee musse se och ganz genau féieren. Et gëtt e Quotesystem agefouert, deen d'Produktioun, den Import an den Export vu fluoréierten Zäregase limitéiert.

E weidere wichtegen Aspekt betrëfft d'Formatioun an d'Zertifizéierung vu Leit, déi mat esou Substanzen ëmginn. Dobäi gëtt et eng Bestëmmung, déi besonnesch fir Lëtzebuerg wichteg ass. Et gëtt e System vu géigesäiteger Unerkennung vun dëser Formatioun agefouert, soudass Länner wéi Lëtzebuerg, déi net wierklech déi néideg Masse critique hunn, fir esou Formatioune selwer auszeschaffen an unzebidden, ganz einfach Formatiounen aus engem aneren EU-Land unerkennen.

De Projet de loi befaasst sech des Weidere mat der systematescher Kontroll vun der Étanchéitéit vun den Anlagen. Eng Kontroll kann nëmme vun engem onofhängegen agreéierte Kontroller oder Kontrollorgan gemaach ginn, déi och déi entspriechend natierlech Formatioun gemaach hunn.

Nom ofgeännerte Kommodosgesetz vum 10. Juni 1999 kënnen och Ëmweltorganisatiounen a Parties civiles viru Geriicht goen, wa se der Meenung sinn, dass Infraktioune géint déi virleiend Reglementatioun bestinn. Penal Sanktiounen tëschent aacht Deeg an engem Mount an/oder enger Amende vun 251 bis 50.000 Euro si virgesinn, wann den Exploitant kee Regëster iwwer seng Anlage féiert respektiv onkomplett féiert. Datselwecht gëllt fir en Importateur, deen déi néideg Dokumenter net un d'Europäesch Kommissioun weidergeleet huet.

Méi héich Strofen tëschent engem Mount an engem Joer Prisong an/oder 50.001 Euro bis zu 500.000 Euro ginn et, wann een intentionnellement fluoréiert Gase fräisetzt oder wann net déi néideg Moossname geholl ginn, fir d'Fuitten an den Anlagen ze verhënneren. Sou och ënner anerem zum Beispill, wa keen Détecteur de fuite op deenen Aggregater fest montéiert ass.

Här President, dat neit EU-Reglement mécht weltwäit déi strengsten an ambitiéiste Virschrëften, wat den Ëmgang mat fluoréierten Zäregasen ugeet. Wann een den Impakt vun dësen Zäregase kuckt, da sinn dës Efforten absolutt berechtegt. Zum Deel gëtt dës Politik vun de Chambres professionnelles, déi am Kader vum Projet de loi hiren Avis ofginn hunn, och positiv ervirgehuewen. Allerdéngs brénge si och d'Suerg zum Ausdrock, dass Betriber an der EU doduerch riskéieren, manner wettbewerbsfäeg ze sinn.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 19. Januar 2016 eng Opposition formelle gemaach a Bezuch op déi initial Fuerderung, fir der Ëmweltverwaltung jeeweils bis zum 31. Mäerz déi virgesinne Registres d'exploitation virzeleeën. Well dëst awer net konform ass mat deem neien EU-Reglement an nëmmen op d'Demande vun der Ëmweltverwaltung ze geschéien hätt, huet dat missen an der Kommissioun geännert ginn.

De Statsrot hätt och d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel net ginn, wa bei Betribskontrollen nëmmen de lokale Chef sur place sollt informéiert ginn, wéi dat am initiale Gesetzestext stoung, mä dass konform zum EU-Reglement de Propriétaire an den Exploitant préalablement, dat heescht deemno virun esou enger Kontroll, mussen aviséiert ginn. Dat gouf och geännert an der Ëmweltkommissioun. An domat huet de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 19. Abrëll 2016 och säin Accord zum Projet de loi ginn.

An der Hoffnung, dass mer de Mëtte souwuel d'Zilsetzung wéi och d'Strategie vun der EU-Reglementatioun, fir déi klimaschiedlech Zäregasen ze reduzéieren, voll a ganz ënnerstëtzen, ginn ech och domadder den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Negri. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marcel Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).-* Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt dem Roger Negri, deem eminenten Ingenieur aus der Chamber, hei Merci soe fir dee mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass alles gesot ginn, wat hätt misse gesot ginn. Dofir den Accord vun eiser Säit aus a Merci nach eng Kéier.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Oberweis. Den Här Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).-* Majo, ech schléisse mech mengem Virriedner un an ech soen och Merci dem Här Negri fir den ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass e wichtegt Gesetz. Et ass awer immens technesch, dofir ginn ech net méi an d'Detailer. An dofir soen ech och Merci nach eng Kéier an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Une voix.- Ganz gutt!

Une autre voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci gesot. An als Nächsten huet d'Wuert den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP).-* Merci, Här President. An deene leschte Joren ass d'gesellschaftlech Opmierksamkeet fir d'Problematik vum Klimawandel staark an d'Luucht gaangen. Mëttlerweil ass bal kengem méi friem, dass d'Mierer amgaange sinn, d'Niveauen amgaange sinn ze klammen, dass d'Arktis amgaangen ass ze schmëlzen.

Ville Leit ass awer net kloer, wéi eng Roll déi fluoréiert Zäregasen dobäi hunn. Wärend CO_2 awer esou gutt wéi jiddwerengem e Begrëff ass, gëtt zum Beispill vum Schwiefelhexafluorid oder anere fluoréierte Gase ganz wéineg geschwat. Dobäi ass CO_2 awer bäi Wäitem net déi eenzeg Molekül, déi dem Klima schuede kann!

Andeems mir haut dëse Gesetzesprojet stëmmen, droe mir dozou bäi, dass déi fluoréiert Zäregasen, déi 100- bis 24.000-mol méi en héicht Treibhauspotenzial hu wéi CO_2, am Joer 2030 nëmmen nach een Drëttel vun deem Taux ausmaachen, deen se am Moment hunn. 1,5 Gigatonnen Emissiounen aus fluoréierte Gase wäerte bis 2030 der Atmosphär erspuert bleiwen, andeems mir dëse Projet stëmmen. Dat si Gasen, déi haaptsächlech a Frigoen, Tifkültruen, Dämmmaterialien, Léisungsmëttel oder och a Féierläscher erëmzefanne sinn. A verschiddene Supermarchée ginn awer haut schonn erfollegräich Killrayone genotzt, déi mat Ersatzmëttel auskommen an esou op déi fluoréiert Zäregase verzichten.

An och fir Privatleit ass et schonn a Frigoen an an Tifkültrue problemlos méiglech, um Marché esou Produiten ze fannen. Eng bekannte Schungmark huet zum Beispill och virun enger Rei Joren opgehalen, Schwiefelhexafluorid fir d'Produktioun vun hire Sportsschung ze verwenden. Dës Beispiller weisen, dass et haut schonn der Industrie méiglech ass, fir ouni fluoréiert Zäregasen auszekommen.

Wa mir haut dëse Gesetzesprojet stëmmen, suerge mir also derfir, dass all déi positiv Beispiller, déi ech grad genannt hunn, keng Eenzelbeispiller wäerte bleiwen.

Dëst gesot, bleift mir, den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn, dem Roger Negri Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus en häerzleche Merci un den Här Negri fir dëse Rapport. D'ADR dréit dëst Gesetz gär mat. Mir deelen déi Zilsetzungen, déi den Här Negri eis hei erkläert huet. Mir wëllen awer dräi Bemierkunge maachen, déi eis e bësse Suerge maachen.

Dat Éischt ass, datt mer och an dësem Beräich eng Entwécklung hunn, déi ëmmer méi an d'Richtung geet vum Tout-pénal. Et gëtt fir ëmmer méi Saache penal Strofen. An och déi Prozeduren, déi domadder verbonne sinn, déi sinn tendenziell ëmmer manner rechtsstaatlech.

Mir haten an dësem Gesetz jo eng Diskussioun driwwer, wann eng Hausduerchsuchung ass, ob de Propriétaire, ob den Exploitant, wéi et bis elo ass, muss am Viraus benoriichtegt ginn oder, wéi et een Ableck proposéiert gouf vun der Regierung, fir einfach ze soen, deen Ableck, wann d'Kontroll ass, da soll dann dee betraffene Propriétaire oder Exploitant Bescheed gesot kréien. Dat ass net duerchkomm, dat ass och gutt esou.

Mä mir wëllen also hei eng éischt Bemierkung maachen, dat ass, datt d'Rechtsstaatlechkeet muss am vollen Ëmfang erhale bleiwen an datt

mer net mussen an den Tout-pénal falen, och net, wann den Ëmweltschutz eis alleguer wierklech staark um Häerz läit. Mä och do musse mer e gesonde Mëttelwee sichen an och halen.

Déi zweet Bemierkung ass, datt déi Legislatioun iwwert den Ëmweltschutz ëmmer méi no bei de Privatmann, bei den Endverbraucher kënnt. Mir hu viru Joren ugefaange bei der Industrie, elo si mer bei de Mëttelbetriber (veuillez lire: de Betriber aus der Mëtt), bei de Verdeeler. Et geet elo drëm, fir Regësteren ze halen op deem Niveau. An de Smart-Metering zum Beispill, iwwert dee mer hei scho geschwat haten, ass ee Beispill derfir, datt eigentlech d'Ëmweltkontroll, an egal a wéi enger Form se sech ausüübt, ëmmer méi no bei den Endverbraucher kënnt. An domadder stellt sech d'Fro vum Schutz vun der Privatsphär a vum Dateschutz.

Mir haten als ADR scho gesot, datt beim Smart-Metering, dee jo kann Avantagen hunn, dofir si mer och net do dergéint, fir eben d'Energie, den Energieverbrauch méi effizient ze gestalten, fir de Leit ze erlaben, och hir eege Consommatioun besser ze verstoen a kënnen eventuell ze korrigéieren. Alles dat ass schéin a gutt. Awer de Schutz vun der Privatsphär däerf an dësem Beräich net vergiess ginn!

Dofir hu mir eis als ADR derfir ausgeschwat, datt mer e Gesetz brauchen, fir de Gebrauch vum Smart-Metering ze encadréieren: Wéi sollen déi Date gebraucht ginn, déi do gesammelt ginn? Wien däerf se benotzen? Zu wéi engem Zweck däerfe se benotzt ginn? Wéi eng Kontroll huet de Propriétaire vun engem Haus oder de Locataire, déi Persoun, déi Energie verbraucht, wéi eng Kontroll huet déi nach iwwert déi Daten, déi bei hir gesammelt ginn? Och do ass den Dateschutz gefrot. Also plädéiert d'ADR fir e Gesetz, fir de Smart-Metering ze encadréieren.

An eng drëtt Bemierkung ass déi vun der Kompetitivitéit vun eisen Entreprisen. D'Chambre de Commerce huet bei dësem Gesetz ganz kloer gesot, datt se sech Suerge mécht ëm d'europäesch Entreprisen am Vergläich zu engem weltwäite Kompetitivitéitswettbewerb eben och an dësem Beräich. Si huet recht.

Mir soen awer och als ADR: Mir mussen hei am Parlament méi genee op déi Lëtzebuerger Interesse kucken! Mir hunn eng ganz grouss Panoplie un Ëmweltschutzgesetzer, wat ze verstoen ass, wéi gesot, dat kritiséiere mer net. Mir soen awer: Wa mer esou Gesetzer stëmmen, musse mir als Lëtzebuerger Parlament och eis wierklech bewosst sinn, wat d'Implikatioune fir eis Betriber sinn, fir eis Industriebetriber, fir eis Kleng- a Mëttelbetriber, fir eis Landwirtschaft, fir eise Wäibau.

Mir hätte gär, mir hu jo och an anere Beräicher Impaktstudien, wa mer e Gesetz hunn, wa mer dat diskutéieren: administrativ Saachen, Gläichbehandlung vu Mann a Fra; déi Impaktstudie leie bei all Gesetz bäi.

Eiser Meenung no, wa mer esou Gesetzer wéi dat hei hunn, wou den Impakt op eis national Kompetitivitéit oder op eis landwirtschaftlech Betriber, de Wäibau op der Hand läit, wëlle mir och wëssen als Deputéiert: Wat heescht dat konkret fir eist Land? Wat heescht dat fir déi Betriber? Wéi kompetitiv sinn eis Lëtzebuerger Betriber duerch esou Moossnamen? A kann dat eis schueden? Oder bleiwe mer am Kompetitivitéitsfeld gläich mat anere Länner, déi mat eis a Konkurrenz sinn?

Zu deem Zweck, fir eben ze froen, datt mer all Kéiers och iwwer Lëtzebuerg a seng Interessen, iwwer eis Betriber, iwwer eis Landwirtschaft schwätzen, wollte mer eng Motioun proposéieren, Här President, déi ech Iech däerf iwwerreechen. An de But vun där Motioun ass ebe just, fir all Kéiers bei esou Gesetzer och eng Impaktstudie ze hunn, fir datt mer en connaissance de cause iwwert d'Konsequenze fir eis Betriber an eis Landwirtschaft kënnen décidéieren.

Ech soen Iech Merci.

Motion

D'Deputéiertechamber

ass sech bewosst,

- datt Natur-, Ëmwelt- a Klimaschutz wichteg Politicke sinn, fir eis selwer, mä virun allem och fir eise Kanner a Kanneskanner eng liewenswäert Welt ze erhale respektiv ze hannerloossen;

- datt ëmmer méi Gesetzer an dësem Beräich an internationale Gremie formuléiert ginn, déi net onbedéngt ëmmer genuch op Lëtzebuerger Spezifissitéite Rücksicht huelen;

ass besuergt,

- datt Ëmweltschutzgesetzer och kënnen, op d'mannst kuerzfristeg, negativ Konsequenze fir verschidde Beräicher mat sech brëngen;

- datt déi wichteg Secteure vun eiser Wirtschaft, wéi zum Beispill déi kleng a mëttel Betriber, d'Industrie an d'Agrikultur wéi och de Wäibau, besonnesch ënner neie Reglementatiounen a puncto Natur-, Ëmwelt- a Klimaschutz kéinten an iwwerproportionellem Ausmooss am Vergläich zu hirer auslännescher Konkurrenz leiden;

- datt esou Gesetzer a Reglementatioune grad eiser exportorientéierter Wirtschaft hir Kompetitivitéit kéinte verschlechteren,

fuerdert d'Regierung op,

- bei reng nationale Gesetzer a Reglementatiounen, mä och bei europäeschen Direktiven a Reglementer, déi an der Chamber an nationaalt Recht ëmgesat oder soss diskutéiert ginn an déi den Natur-, Ëmwelt- oder Klimaschutz betreffen, systematesch eng detailléiert Impaktstudie vun deene Moossname souwuel am Hibléck op déi finanziell an administrativ Belaaschtung wéi och op d'Kompetitivitéit vu betraffene Lëtzebuerger klengen a mëttelgrousse Betriber, Industrie- an Agrarbetriber ze maachen,

verlaangt,

- datt all Gesetzesentworf an deem Domän esou eng Impaktstudie opweist, fir et der Chamber ze erlaben, den Impakt vun deene projetéierte Moossname besser anzeschätzen.

(s.) Fernand Kartheiser.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. Mir wäerten dee Projet de loi och matdroen. Mir sinn der Meenung, datt et wierklech an déi richteg Richtung geet. E féiert eng ganz Partie Mesuren an, wéi och de Prinzip vum Pollueur-payeur. Et hätt kënnen nach méi wäit goen. Et gi Länner, déi eng total Interdiktioun agefouert hunn, wéi Dänemark zum Beispill. Mä mir mengen trotzdeem, datt dat heiten eng richteg Mesure ass.

An et ass och eng Iwwerleeung wäert, well wann een u sech aner Mesuren hëlt, wéi just de Maartmechanismen ze vertrauen, an der Klimapolitik zum Beispill, wéi dat an aneren Domäner de Fall ass, da kann ee vill méi effikass sinn. Mä doriwwer kënne mer méi spéit diskutéieren.

Dat gesot, mir wäerten dee Gesetzesprojet matdroen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. An domat huet d'Wuert d'Regierung, den Här Statssekretär am Nohaltegkeetsministère.

Prise de position du Gouvernement

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Merci, Här President. Andeem ech dem Här Negri intensiv nogelauschtert hunn, hat ech eigentlech net wëlles, nach eppes zu deem Projet ze soen, well besser wéi hien dat gemaach huet, méi detailléiert ze soen, ëm wat et hei geet, mengen ech, kann och kee Regierungsvertrieder dat fäerdegbréngen. Duerfir him e grousse Merci an Iech alleguerten, dass dee Projet hei an Unanimitéit gestëmmt gëtt!

Ech wëll awer vläicht ganz kuerz just op déi dräi Remarquë vum Här Kartheiser vun der ADR agoen.

Natierlech deele mer d'Meenung, dass et net en Tout-pénal ka sinn an dass och am Ëmweltschutz wéi an anere Beräicher d'Rechtsstaatlechkeet muss voll spillen. Ech wëll awer soen, Här Kartheiser, et muss awer an zwou Richtunge goen!

A wann ech awer aus menger Experienz vun zwee an en halleft Joer am Beräich Ëmweltschied kann e bëssen e Bilan zéien, dann ass et awer extrem wichteg, dass mer an deem Rechtsstat awer ganz gutt Moyenen hunn, fir am Fall vun Ëmweltschied awer déi Informatiounen ze kréien, déi mer brauchen.

Ech hunn näämlech och déi eng oder aner Kéier festgestallt, dass awer generell - a vläicht ass et och, wat d'Betriber méi grouss sinn, wat déi Tendenz méi do ass - e bëssen d'Manéier ass wéi zu Fukushima, dass déi grouss Betriber just dat no baussen droen an zouginn, wat d'ëffentlech Verwaltung scho längst erausfonnt huet. An esou kann een an akute Gefore wierklech net fonctionnéieren. An duerfir ass et awer extrem wichteg, dass een an akuten Ëmweltschied esou séier wéi méiglech all Informatiounen huet, well et geet jo net drëm, fir dem Betrib ze schueden, mä et geet drëm, d'Leit ze schützen! A ganz oft sinn déi Leit, déi am Betrib schaffen, déi Éischt, déi riskéieren, bei esou Katastrophe Schued ze hunn. - Dat dozou.

Dann zweetens sot Der, dass den Ëmweltschutz ëmmer méi no bei d'Leit kënnt. Jo, dat ass kloer! Mir komme vun Ëmweltschied aus de 70er, 80er Joren, déi ganz oft konzentréiert waren, déi limitéiert waren op gréisser Betriber, déi da mat héije Schaarschtecher probéiert hunn, de Problem lokal ze léisen, op ëmmer méi diffus Ëmweltschied. Wa jiddweree ka Glyphosat asetzen, da geet et net méi duer, wa mer eng Reglementatioun hunn, déi just d'Produzente vu Glyphosat mat an d'Gebiet hëlt, mä da musse mer erofgoe bei d'Vendeuren a mer mussen, äänlech wéi am Verkéier mam Sécherheetsgurt, souguer vläicht d'Konsumenten an d'Bierger an d'Biergerinne virun hirem eegenen Handele schützen.

An drëttens zur Kompetitivitéit. Éischtens wëll ech soen, dass mer hei am Beräich si vun engem europäesche Reglement. An do hu mer souwisou net ganz vill Méiglechkeeten. Dir wësst och, dass et genuch Jurisprudenz gëtt, dass, wann de Fall antrëtt a mir sinn nach net mat eisem Gesetz do, dann awer déi Reglementer spillen.

An ech géif wierklech soen: Grad am Ëmweltberäich gëtt et jo ëmmer méi kloer, dass déi Betriber, déi sech matzäit gutt opgestallt hunn an déi héchsten Normen anhalen, dat sinn déi, déi Der nach Joren, Jorzéngten um Maart fannt, an déi, déi mengen, si kéinte sech ronderëm eng Rei Ëmweltnormen erlaanschtschmuggelen, si ganz oft déi, déi als Éischt, wann dann awer déi Norme kommen, well mer d'Mënschheet an d'Mënsche musse schützen, net méi derbäi sinn. Duerfir sollte mer net ëmmer déi do Argumenter widderhuelen, déi ganz oft net rechtlech sinn.

Motion 1

Ech hat elo keng Zäit, muss ech soen, Här President, déi Motioun do a Rou ze liesen. Ech ka mer och virstellen, dass ech se net eleng kéint am Numm vun der ganzer Regierung traitéieren. Ech iwwerloossen et dann de Fraktiounen heibannen am Sall, ob et Sënn mécht, dat do ze stëmmen. Mä Dir misst mer awer schonn eng Chance ginn, eng Kéier driwwerzekucken.

Mir kënnen awer gären nom nächste Projet de loi dann décidéieren. Oder wat soen d'Fraktiounscheffen? Mir ass et egal.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Ooh!

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Mir kënnen awer och au vote goen. Et ass, wéi Dir wëllt. Au vote!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dat heescht, mir kënne maachen, wat mer wëllen?

(Brouhaha)

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Neen, ech mengen, Här President, wann herno déi Avisen, déi bei engem Gesetzesprojet derbäi sinn, sechsmol méi déck si wéi d'Gesetz selwer, da weess ech net, ob mer eis e Gefale maachen an ob dann nach iergendeen d'Gesetz liest oder nach just déi Saachen hannendrun. Respektiv hunn ech dat Gefill, dass déi vill Annexen, déi mer elo scho bei de Gesetzer hunn, net esou intensiv gelies gi sinn, wéi se eigentlech hätte sollen, soudass ech mengen, dass dat hei eis net weiderbréngt.

An an deem Sënn, wann ech elo séier queesch driwwergekuckt hunn, mengen ech, dass dat hei d'Lëtzebuerger Wirtschaft net weiderbréngt. An deem Sënn géif ech proposéieren, se da schlussendlech ofzeleenen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà! Wuertmeldungen dozou? Den Här Wiseler.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Fir kuerz och dozou Stellung ze huelen. Ech mengen, datt ee vum Prinzip aus bei esou Gesetzgebunge soll kucken, wat d'Konsequenze sinn, wat d'Suitte sinn,...

M. Camille Gira, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Maache mer jo!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- ...datt een d'Impakte soll moossen, schéngt eis eng absolutt Evidenz ze si bei deenen Texter, wou dat sënnvoll ass, wou dat noutwendeg ass, an dat ënnerstëtze mer selbstverständlech och als Iddi.

Bei Formulatiounen, esou wéi et hei formuléiert ass, soe mer awer, datt et vläicht e wéineg ze generell ass, well et sech och oft ëm Direktiven handelt, wou dat dann net onbedéngt sënnvoll ass a wou et och näischt brëngt, fir et ze maachen. Duerfir géif d'CSV-Fraktioun sech hei bei dësem Text enthalen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng).*- Bon, ech hunn d'Explikatioune vum CSV-Vertrieder héieren an ech mengen awer och, wann ech d'Interpretatioune vum Här Camille Gira och guttheesche wëll, awer well ech elo direkt och en anere Projet nach wäert presentéieren, wou et grad ëm deen Échange vun CO_2 geet am Kader vun den industrielle Produktiounen, géif ech awer proposéieren, dass mer zumindest dës Motioun eng Kéier kuerz an d'Chamber mat eranhuelen an d'Kommissioun,...

(Protestations et brouhaha)

...wou mer kënnen dann eng Kéier diskutéieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Elo emol schéin der Rei no! Den Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Jo, Merci, Här President. Als Rapporteur géif ech mengen, déi eenzel Punkte si sécher sënnvoll, dass een doriwwer diskutéiert. Mä an hirer globaler absolutter Form si mer awer der Meenung, dass mer se solle refuséieren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, ech si ganz frou an dankbar, wéi ëmmer, wann d'Kolleege sech mat deenen Texter ausenanersetzen, déi d'ADR dësem héijen Haus virleet. Ech hunn an deene Reaktiounen, déi mer elo hei héieren hunn, erausgehéiert, datt en Interessi besteet, fir weider iwwert deen Text ze kucken, sief et fir vläicht verschidde Formuléierungen nei ze kucken, wat da wéinstens enger Fraktioun géif erlaben, vläicht vun enger Abstentioun Richtung Jo ze goen - dat ass op jidde Fall eng Hoffnung. Oder anerer hunn de Wonsch ausgedréckt, nach eng Kéier driwwerzekucken.

Ech mengen, als ADR, als Auteur vun dëser Motioun, läit et eis einfach um Häerz, datt mer se kucken, datt mer, wa mer esou Gesetzer maachen, engersäits natierlech d'Ëmwelt effikass schützen, an op där anerer Säit d'Interessie vun deene betraffene Betriber genee kucken.

Vun eiser Säit aus wär et also dofir och ze begréissen, wa mer eis Zäit géifen huelen, fir eng Kéier an der Kommissioun nach eng Kéier iwwert den Text ze kucken. Mir sinn als ADR ganz sécher bereet, déi eng oder aner Formuléierung esou ze änneren, datt mer e méiglechst groussen Accord hei an deem Parlament iwwert déi Iddi fannen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Den Här Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, Merci, Här President. Jo, natierlech misst een den Impakt studéiere vun all Reglementatioun oder Décisioun, déi och d'Land betreffen! Mä duerno hänkt et och dovunner of, aus wat fir engem Bléckwénkel. Ënnert dem Term „Kompetitivitéit" kann ech mer net onbedéngt immens vill virstellen, respektiv esou, wéi ech et mir virstelle kéint, ass dat net onbedéngt eng Interpretatioun, déi a Richtung vu méi ekologeschem oder sozialem Schutz géif goen, esou wéi ech dat interpretéieren. Well ech hat elo och souwisou nëmmen e puer Sekonnen, fir dat ze liesen, an ech stëmmen net gären of iwwer Saachen, déi ech bal net gelies hunn. Dofir ginn ech dovunner aus, datt dat esou ass.

Ech mengen, jo, den Impakt, sozialen Impakt vu Reglementatiounen, ekologeschen Impakt vu Reglementatioune ganz gutt ze diskutéieren hei zu Lëtzebuerg, domadder kéinte mir liewen. Mä dat heiten ass franchement relativement e bësse vag formuléiert, franchement. Ech kann net vill domadder ufänken. Ech weess net. Also dofir wäerte mer et net stëmmen op jidde Fall.

Une voix.- Ma et geet jo an d'Kommissioun!

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Mä wann et an d'Kommissioun geet, wéi dat elo...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Sou, och wann Der nach en Timeout braucht, wär ech awer elo frou, wa mer eis géifen eens ginn, iwwer wat dass mer dann elo ofzestëmmen hunn.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech hunn hei Wuertmeldungen nach vum Här Wiseler, da vum Här Berger an dann nach vum Statssekretär.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- An ech wëll just soen, wann ech déi gréng Fraktioun elo héieren hunn, déi seet: „Mir géifen dat an d'Kommissioun nach wëllen huelen." Selbstverständlech kann d'CSV-Fraktioun och mat där Propositioun vun der grénger Fraktioun d'accord sinn.

Plusieurs voix.- Aah, très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dann den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Ech mengen, d'Argumenter sinn all ausgetosch ginn. D'Positioune vun den eenzelne Fraktioune sinn duergestallt ginn. Ech géif proposéieren, well ech weess net, ob mer an enger Kommissiounssitzung elo nach vill nei Argumenter wäerten héieren, ech géif einfach proposéieren, datt mer elo iwwert déi Motioun hei ofstëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Den Här Kox.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Bon, Merci, Här President. Ech hunn am Numm, als President vun der Ëmweltkommissioun gemengt, e Kompromiss ze maachen, andeem ech probéiert hunn, iwwert déi Themaen oft ze diskutéieren. Mä ech wëll awer och domadder ganz kloer soen, dass mer, wann ech meng Kolleegen héieren, net déi éischte Kéier iwwert dës Dokumenter scho geschwat hunn an dass mer des Éfteren an der Kommissioun iwwert déi Gesetzer diskutéieren,...

(Brouhaha général)

...soudass ech mech der Mehrheet wëll uschléissen an d'Motioun wäert ofleenen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Au vote, wann ech gelift!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also da gi mer zum Vott.

Une voix.- Wat ass dann elo?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mir ginn zum Vott iwwert d'Motioun iwwer.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Vott iwwert d'Motioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Mir ginn zum Vott iwwert d'Motioun iwwer.

Une voix.- Voilà, très bien!

(Brouhaha et hilarité)

Vote sur la motion 1

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also mir stëmmen iwwert d'Motioun of. Déi, déi mat der Motioun averstane sinn, déi stëmme mat Jo, an déi, déi net mat der Motioun averstane sinn, stëmme mat Neen. D'Ofstëmmung fänkt elo un.

An dann d'Procuratiounen. An esou, wéi ech gesinn, ass d'Ofstëmmung eriwwer: 5-mol Jo, 34-mol Neen an 21 Abstentiounen.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: M. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

A mer géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Austausch vun Zäregasquoten, de Projet de loi 6917. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Henri Kox.

5. 6917 - Projet de loi modifiant les articles 11 et 14 de la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Majo da kréie mer...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...direkt déi definitiv Versioun.

(Brouhaha)

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur*.- Da kréie mer elo direkt d'Geleeënheet, nach eng Kéier iwwert de Kyoto-Protokoll ze diskutéiere respektiv iwwert d'Suitte fir déi eenzel Secteuren. Dir wësst, dass mer haut als Lëtzebuerger Stat bis 2020 minus 20 CO_2-Equivalent mussen erreechen, dat heescht par rapport zu 2005.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift!

M. Henri Kox *(déi gréng), rapporteur*.- Et gëtt awer en anere System, dat ass dee System vun den ETSen, dat heescht Emissions Trading System, dat heescht, alleguerten d'industriell Produktiounen ënnerleien dësem Gesetz. Dat ass e Gesetz vum 23. Dezember 2004 an et behandelt eben d'Zouuerdnung vu Quoten un déi eenzel industriell Produktiounen.

Wéi gesot, et sinn der 18 hei a Lëtzebuerg a si mussen och eng gewësse Quot erreeche bis 2020, näämlech minus 21%, awer dat net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä am Sharing mat den europäeschen Industriellen an der ganzer Europäescher Unioun. Dat heescht, dat ass e Virdeel fir Lëtzebuerg, well se dann entsprechend hirer Capacitéit kënnen ufueren.

Elo huet sech awer erausgestallt, dass dës Quoten, déi mer den Industriellen zur Verfügung gestallt hunn, iwwerallouéiert waren, dat heescht, d'Industrien hunn u sech ze vill Quoten haut um Marché. Déi sollten och ënnerhalb vun den Industrielle kënnen um europäesche Kontinent ausgetosch ginn an och deels versteet ginn. Elo ass et awer esou, dass no 2009 duerch d'Wirtschaftskris eng Iwwercapacitéit mëttlerweil um Marché ass. An dat huet dozou gefouert, dass haut d'Tonn CO_2-Equivalent op dem Marché gefall ass op 10 Dollar praktesch d'Tonn CO_2-Equivalent. Haut si praktesch 2,1 Milliarde Quoten esou um Marché, déi u sech dozou féieren, dass eben de Präis ganz déif gefall ass.

Fir awer eng Stabiliséierung hei eranzebréngen, huet d'Europäesch Kommissioun an hirer Décisioun vun 2015/1814 gesot, dass mer en Deel vun deene Quote wëllen neutraliséieren u sech, fir de Marché e bëssen ze stabiliséieren, fir ze probéieren, dass dee Marché och erëm zu engem richtege Marché kënnt. Et geet jo drëms, dass d'Quote méi knapp gemaach ginn, dass all Industrie opgefuerdert ass, no där neister Technik och Produktiounsanlage lafen ze loossen, wat dann natierlech och der Ëmwelt wäert zeguttkommen.

D'Europäesch Kommissioun huet also virgeschloen, dat war an där Décisioun 2015, 2015/1814, eben d'Direktiv vun 2003 op deene Punkten ëmzeänneren. An dat huet zur Folleg, dass eist Gesetz, wat 2004 gestëmmt gouf, wat eben dës Direktiv ëmgesat huet, op zwee Punkten, op zwee Artikele muss ugepasst ginn.

Wéi eng Moossnamen huet d'EU elo virgeschloen?

Et soll eng Réserve de stabilité gemaach ginn. Dat ass den éischte Punkt. Déi soll ab 2018 an d'Liewe geruff ginn. An dee Marché soll 2019 da kënne gespillt ginn.

Et gëtt och als Zweetes en Deel vun de Quoten u sech kalgestallt, praktesch aus dem Marché erausgezunn. Dat sinn der 900 Milliounen och erëm CO_2-Equivalent, dat heescht, net nëmmen CO_2, mä alleguerten d'Zäregasen zesummen. Et gëtt och gekuckt, no 2020 dee System erëm besser opzestellen, fir och déi falsch Tendenzen, déi elo an deene leschte Jore waren, ze korrigéieren.

Mir haten d'lescht Joer nees am Klimarapport gesot, am beschte wier et, iwwerhaapt net méi déi Quoten op dem Marché ze hunn. Mä d'Industrië brauchen déi fir och deen „leakage" (veuillez lire: fir de „leakage" ze verhënneren), dass eben CO_2 iwwert d'Grenzen erausgeet a praktesch mir CO_2 haut importéieren aus Drëttlänner. Dat soll dann natierlech dee Marché och berücksichtegen. Et ass geduecht drun, fir näämlech dat ze ënnersichen a puncto vun den Aarbechtsplazen, wat an deenen eenzelne Länner passéiert, respektiv och par rapport zum BIP.

Dat heescht, dës Adaptatioun vum Gesetz vun 2004 versicht, déi Defiziter an dem ETS-System ze behiewen, andeem dann zwee Artikele geännert gi vun dem urspréngleche Gesetz. Ech ginn net an den Detail vun deenen zwee Artikelen, well se extrem technesch sinn. Et geet eben drëms, déi Quoten entspriechend, wa se iwwerallouéiert sinn, erauszehuelen, a wann der ze mann do sinn, erëm zréck op de Marché ze bréngen.

Et goufen och dräi Avisen, natierlech dee vum Statsrot. De Statsrot begréisst dës Initiativ, dass et eben zu enger Stabiliséierung um Marché soll kommen. Den Avis vun der Chambre des Salariés seet éischter: „Dir hätt keng Quoten dierfe fir näischt der Industrie weiderginn!", wat jo eben och dozou gefouert huet, dass ze vill Quoten op eemol um Marché sinn. Dat war awer ee System, deen erkannt ginn ass, soudass déi Feeler haut redresséiert ginn an dass et an Zukunft eben net zu deene Mëssstänn da ka kommen. An dann d'Chambre des Métiers huet och nach en Avis ginn.

Ech kommen nach kuerz zu den techneschen oder zu den Daten, wéini de Projet déposéiert gouf. De Projet gouf de 27. November 2015 déposéiert. De Statsrot huet den Avis de 25. Mäerz 2016 eraginn, d'Chambre des Métiers den 30. Mäerz an d'Chambre des Salariés de 16. Februar. An der Sëtzung vum 24. Februar gouf ech als Rapporteur vun dësem Gesetz ernannt. An der Kommissioun vum 20. Abrëll hu mer den Avis vum Statsrot analyséiert. An an der Sëtzung vum 4. Mee hu mer dëse Rapport eestëmmeg ugeholl.

An domadder sinn ech ukomm mat mengen Ausféierungen zu dësem Gesetz a géif och gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun dozou matbréngen. Merci fir d'Nolauschteren!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Merci, Här President. Och vu menger Säit aus dem Här Rapporteur, dem Henri Kox, mengem fréiere Student an Ingenieur, e grousse Merci.

(Hilarité et brouhaha)

Dat muss gesot ginn hei, gell!

Et mierkt ee jo awer, dass dat virgedroe gëtt vun engem Ingenieur. Wann alles technesch ass, da mussen déi meescht Leit ofschalten. Mä et ass ganz flott.

Ech wëll just eppes dozou soen. Wann den Här Henri Kox gesot huet, dass mer eng Iwwerallocatioun hunn, dat kënnt awer och, well zënter der Kris einfach d'Industrie an d'Gette geet an Europa an net méi un d'Struewele kënnt. Mir hunn also iwwer Joren nach domat ze dinn. Mä wat ganz gutt ass, do ass d'Referenz zum anere Projet: Mir probéieren awer elo weltwäit - weltwäit! -, dës Iwwerleeungen anzeféieren, wou soss quasiment kee Land sech méi doraus kann entzéien.

Mir hunn als Europäesch Unioun eppes hei virgemaach gehat, wat ganz gutt ass. A Länner wéi China, Indien, Russland wäerte sech där Saach och uschléissen. Duerfir de Merci vu menger Säit an dann och vun eiser Säit den Accord.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Negri.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Villmools Merci, Här President. Och ech wëll am Numm vun eiser Fraktioun dem Rapporteur Henri Kox e grousse Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport. A virun allem och him Merci soe fir seng gutt Présidence, déi e mécht, wou en ëmmer no Kompromisser sicht. An duerfir, domadder ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ooh!

(Hilarité)

Wéi just virun e puer Minutten.

Une voix.- Et ass eng elle Welt!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An d'Wuert huet elo den Här Max Hahn.

M. Max Hahn *(DP)*.- Merci, Här President. Ënner Beobachtung vu mengem fréiere Professer Marcel Oberweis, fir dat dann och nach eng Kéier awer op dëser Plaz ernimmt ze hunn,...

(Brouhaha et hilarité)

...ergräifen ech dann awer och nach eng Kéier d'Wuert an deem dach ganz wichtegen Dossier hei, wou ech vläicht virewech awer dem Rapporteur e grousse Merci soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport.

De Problem, dee mir aktuell mat den Emissiounsquoten hunn, weist eigentlech exemplaresch, dass d'Aarbecht vum Politiker selten un en Enn kënnt! Eng erfollegräich Politikformuléierung an -implementatioun muss net onbedéngt heeschen, dass d'Thema duerno fir ëmmer vum Dësch ass. Eng kontinuéierlech Evaluatioun ass villméi noutwendeg, fir festzestellen, ob déi Mesuren, déi viru Jore gutt an noutwendeg waren, zu engem spéideren Zäitpunkt dat och nach sinn.

Wa mir den europäesche Quotesystem fir d'CO_2-Emissiounen haut kucken, musse mir feststellen, dass en net méi un den aktuelle System adaptéiert ass. Dat läit net dorunner, dass viru Joren eng schlecht Aarbecht geleescht gi wier, mä einfach dorunner, dass déi wirtschaftlech Lag sech verännert huet! Mir däerfen duerfir net ewechkucken a mir däerfen eis net op der Aarbecht ausrouen, déi virun zéng Joer geleescht ginn ass. A genau duerfir stëmme mir haut mat dëser Emännerung dëse Gesetzestext.

Wa mir haut dësem Gesetzestext zoustëmmen, da suerge mir derfir, dass et fir vill Entreprisë finanziell erëm interessant gëtt, fir manner CO_2 auszestoussen, a si däerfe sech och net dodrop ausrouen a mir och net. Dat heiten ass en Dossier, dee muss een am A behalen. D'Aarbecht vun der Politik kennt ebe selten en Enn a scho guer net an esou wichtegen Dossiere wéi deen heiten.

Et ass wichteg, dass mir dësem Gesetzesprojet eis Zoustëmmung ginn an esou dozou bäidroen, dass eng europäesch Décisioun um nationale Plang ëmgesat ka ginn. Mä dat eleng geet net duer. Lëtzebuerg muss um europäesche Plang zum Klimaschutz bäidroen, mä awer och seng national Ziler fir de Schutz vun der Ëmwelt konsequent ëmsetzen. Ech denken dobäi zum Beispill un d'Energieeffizienz, de weideren Ausbau vum ëffentlechen Transport an och un d'Albausanéierung.

Dëst gesot, dem Rapporteur hunn ech scho Merci gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Här Fernand Kartheiser.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och mir fänke gär un, fir dem Rapporteur, dem Här Henri Kox, Merci ze soen. All dës Klimadossiere si komplex a mir soen ëmmer erëm Merci fir all déi Leit, déi sech wierklech esou intensiv mat deenen Dossiere befaassen a se hei esou erkläre, datt mer se alleguer besser verstinn.

Et ass elo fir eis och vläicht eng Geleeënheet, kuerz op déi Kuelendioxidproblematik anzegoen. Datt mer dat Gesetz hei stëmmen, ass emol éischtens de Bewäis, datt dee System, wéi en urspréngléch agefouert gouf an der Nofolleg vum Kyoto-Protokoll, net effikass war. Dat ass eng Saach, déi laang e bësse verdrängt gouf an der ëffentlecher Diskussioun. Eenzel Leit hunn ëmmer op d'Defizienze vum System opmierksam gemaach. Si sinn als Klimakiller duergestallt ginn.

Dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, ass e Versuch, déi Feeler aus der Vergaangenheet ze korrigéieren. Mir hoffen, datt se dann och wierklech zu enger Verbesserung kënne féieren. Mä et ass schwéier, dat haut ofzeschätzen. Mir bleiwen, mir kucken dat interesséiert, mir hoffen op den Erfolleg, mä aus den Erfahrunge vun der Vergaangenheet, mengen ech, ass eng gewësse Skepsis och ze verstoen. Skepsis speziell och hei fir Lëtzebuerg!

Well, wéi wëlle mer eigentlech hei reduzéieren - an dat ass näämlech dat, wat ganz interessant ass, déi Klimaziler, déi mer eis elo no COP21 fir Lëtzebuerg fixéieren - an enger Situatioun, wou d'Regierung eigentlech just op eng dauerhaft Croissance setzt, wou se eis seet, datt d'Populatioun vum Land wahrscheinlech iergendwéini an nächster Zukunft bei iwwer enger Millioun Leit muss leien, wou mer eng Croissance hunn, déi mer brauchen, aus enger Rei Grënn, déi an der Vergaangenheet hei diskutéiert gi sinn an déi d'ADR och opbruecht huet an enger Diskussioun iwwert d'Zukunft vum Land, an eng Regierung, wou déi gréng mat dra sinn, just als eenzegt Rezept déi blann Croissance huet fir d'Zukunft a keng Alternative réelle?

Mä wéi wëlle mer eis CO_2-Ausstéiss als Lëtzebuerg wierklech ënner Kontroll kréien? Wéi wëlle mer d'Energies renouvelables op 11% oder esou eropsetzen, wann déi dauernd Croissance vum Land eis jo praktesch automatesch forcéiert, de Kuelendioxidausstouss och permanent an d'Luucht ze setzen? Wéi streng kënnen déi Obligatioune sinn, déi mir als Lëtzebuerg dann elo ophuelen no COP21, wa mer gläichzäiteg konfrontéiert si mat enger Regierung, déi als eenzegt Rezept eng dauerhaft, blann an